

Méi Informatiounen fënns du op
www.richtung22.org
Instagram: @richtung22

VERSPIILL

DÄI

LIEWEN

Froen déi mer eis all
stellen, beäntwert vu Leit
déi et ausprobéieren

STUDEIER KONSCHT

RIEN NE VA PLUS?

Geschwënn ass et eriwwer mat der Schoul an dann ass de Moment komm fir alles op eng Kaart ze setzen. De Choix fir d'Liewen! Deng Beschäftegung bis bei d'Pensioun? Falsch. Och wann et dir am Moment esou virkënt, de Choix fir (oder géint) ee Studium ass keng endgültig Entscheidung. Et ass einfach den Ufank vun der nächster vun immens villen Etappen déi dech héchstwahrscheinlech anzwousch anescht hiféieren, wéi s du et grad mengs (oder fäerts).

Eppes schéngt awer kloer ze sinn: du wëlls eppes Kreatives maachen, eppes Kënschtleresches? Vlächcht ass deng Famill an/oder däin Ëmfeld schonn um panikéieren. Warscheinlech hues du dir schonn dausende mol ulauschtere missen, dass du däi Liewen an d'Poubelle geheie géifs, dass du ni eng Aarbecht fanne géifs, näischt verdénge wäers, dass du Konscht och nach niewebäi maache kéints, dass et jo souwisou éischter een Hobby wier?

Also dach léiwer eng sécher Plaz op enger Bank oder beim Staat? Op kee Fall! Du muss et op d'mannst probéieren!

An dësem Magazine schreiwen 20 Persounen, déi sech um Enn vun hirer Schoulzäit (oder och éischt méi spéit) entscheet hunn eppes mat Konscht, Musek, Schauspill, Design... ze maache wéi et hinne mat dësem Choix ergaangen ass. Op der Foire de l'étudiant.e an och an de Schoule ware mir meeschtens schlecht beroden an hätten eis gewënscht een aneren Abléck ze kréien. Dowéinst lo dëse Versuch ze beschreiwen, wat vlächcht op dech duerkënt. Et ass eis net drëms gaangen déi Infoen opzelëschten, déi's du och op Websäite fënns, mee dir virun allem: Courage ze maachen! Looss dech vu kengem vun dengen Wënsch forthuelen, wann s du däi Liewe lo dengen Talenter, dengen Interessien an den-ger Konscht widme wëlls. Et ass däi Liewen.

INHALT

WEI ASS ET?

- 1 NEI LEIT
- 2 ZÄIT
- 3 EXPERIMENTER
- 4 NIEWEBÄI
- 5 MAACHEN
- 6 VERTRAUEN
- 7 FORT VUN HEI
- 8 SPONTANEOUS
- 9 DIDN'T MATTER
- 10 FIGURE IT OUT
- 11 AUSPROBÉIEREN
- 12 ANER RICHTUNG
- 13 TOUCH MY SOUL
- 14 FOUND OUT
- 15 ERFAHRUNG
- 16 MÄI CHOIX
- 17 DEEL SINN
- 18 PATIENCE
- 19 CONNECT
- 20 SPAASS

REAKTIOUN?
SUERGEN? ÄNGSCHT?
TIPP U MECH?

- 1 MEDIADESIGN
- 2 COMMUNICATION
- 3 ILLUSTRATION
- 4 SOCIOPOLITICS
- 5 THEATER
- 6 REALISATION
- 7 MEDIADESIGN
- 8 RESTORATION
- 9 LITERATURE
- 10 MUSIC TECH
- 11 GRAFIKDESIGN
- 12 FILM STUDIES
- 13 MUSIC
- 14 GRAPHICDESIGN
- 15 MEDIENDESIGN
- 16 ART PLASTIQUE
- 17 BÜHNENBILD
- 18 RÉALISATION
- 19 FINE ARTS
- 20 PUBLIZISTIK

WEIFASS ET?

Wéi ass et ze studéieren? / Wéi war et fir dech ze studéieren? // What is it like to study? / What was it like to study for you?

1. Ech fannen et eng immens wäertvoll Erfahrung ze studéieren. Fir mech war et virun allem wichteg a spannend am Ausland ze studéieren - ouni Leit, déi ech kennen, ouni aner Lëtzebuerger. Bei Null ufänken, deelweis elleng wunnen, ganz vill (Alldags-)Saache léieren, nei Erfahrung maachen, Leit kenneleieren, déi e ganz anere Background hu wéi s du, an enger anerer Sprooch wéi seng Mammesprooch liewen, nei Frënn (fir d'Liewe) fannen, en neit Doheem ariichten a säin egegen Alldag liewen. Fräiheet, erwuesse ginn, eegen Entscheedungen treffen. Feieren! Awer och mol sech eleng fillen an enger anonymer Grousstad, seng Grenze kenneleieren a ganz ënnerschittleche Kontexter, iwwe säi Schied sprangen, léiere fir sech anzestoen.

2. Immens flott Chance an Zait fir sain Horizont ze erweideren

3. Wann et dat Richtegt ass: Gutt well et ee virubréngt, mee awer och schwéier well ee vill Energie investéiere muss. Mee um Enn vum Dag ass et schéin virum fäerdege Projet ze stoen, wat motivéierend ass. // If it's the right path: Good because it's helping you move forward in your practice, yet it's also energy-consuming as you have to invest a lot. But: seeing your finished project at the end of the day is nice and motivating.

4. Deelweis ultra chillig an deelweis immens stresseg an ëmmer anescht, wéi een sech et virstellt. Ech hu geléiert ze kachen, unzesträichen, besser Gespréicher ze féieren, administrativ Saachen alleng ze erleegegen (vill Spaß mam Cedies), wat eng Studienordnung ass, wéi nerveg Bewerbungen sinn, wéi ee sech déi falsch Kueren aussicht, wéi een sech déi richtig Kueren aussicht, Better opzebauen, ze plënnere, spuksam anzekafen a Schnäppercher ze fannen, besser nozelauschteren, wéini déi gutt Zäit ass fir an de Club, wéi een maache kann wéi wann een d'wëssenschaftlech Texter gelies hätt, wéi een ëm Hëllef freet, wéi een d'wëssenschaftlech Texter tatsächlech liest, wéi ee verhënnert dass engem de Vélo geklaut gëtt, wat ee mécht wann engem de Vélo geklaut gouf, wéi et ass op sech gestallt ze sinn, wéi een nei Frënn fënnt, wéi een eng Hausarbeit schreift, wéi et sech uffillt wann ee Frënn muss Äddi soen, wéi een eng Bachelorarbeit schreift, wéi et ass alleng an engem aneren Land ze liewen.



5. Mega gail! Du leiers dech selver mol richtig kennen, treffs esou vill nei leit kanns dech ganz nei erfannen oder fannen. Wat och eng cool experience war ass dass de alleng oder an enger wg wunns an leiers dein alldaag (kachen, botzen asw) selver ze wuppen wat och en challenge ass.

6. Ech hun emmer gäre studeiert an nei Sachen/Fähegkeeten beilegeiert, just um Enn vum Semester war et emmer relativ stresseg well all projeten gleichzeiteg ustoungen.

7. I enjoyed the freedom in trying out things and moving around with no responsibility. I did not enjoy not being taken seriously by the „establishment“.

8. The studies can be a little fast-paced, full-time studying amounts to about 35 hours a week on average, which definitely cuts into personal time and limits work opportunities severely. Apart from that I appreciate that we do a lot of practical work already in our second semester and don't have to spend a whole year doing only theoretical courses.

9. A bit of a deception, because the university system was not so good. Very top-down, quite conservative. But I still loved it. I loved the fact of being in a new city, of leaving Luxembourg, of being independent, and being able to chose my classes and read a lot.

10. Verschidde Fächer woren extreem interessant an do wor ech voll dobäi, hunn zousätzlech Texter zum Thema gelies a mir vill Gedanken dozou gemaach. Aner Virlesungen, seminarer an Couren woren éischter langweileg. Ech mengen d'Studium ass awer net just de Cours, mee vill méi déi Zäit a Fräiheet an sengem Liewen während dem Studium an déi ganz Erfahrungen déi een niewebäi sammelt. Ze studéieren wor also haaptsächlech: Mäin eegent doheem hunn, zesummen mat Frënn vill Projeten (Theaterstécker, Filmer) maachen ze kënnen an mech an all déi Themen a Froen ze verdéiwen, déi ech interessant a wichteg fonnt hunn (onofhängeg vum Studium).

11. Et huet mer vill Spaass gemaach. Suwuel d'Studenteliewen, wéi och d'Wëssen a Savoir-faire wat ech ugesammelt hunn.

12. Et huet mer vill Spaass gemaach. Suwuel d'Studenteliewen, wéi och d'Wëssen a Savoir-faire wat ech ugesammelt hunn.

13. I was disappointed in the education system. I thought I will learn more than I did. It was easy to study, because I liked the subject and it was the first time in my life when I had good marks and teachers told me good things, because in school it was the opposite. I even thought that my memory got better, which was weird because with age it should get worse. That's why it's important to study what you like.

14. In general my studies were amazing. We had so many different kind of courses... Theorie, Manual, Print and Digital. But I have to admit it's not easy chill and casual as a few people think. In the creative industry a lot is asked of you and the teachers asked a lot of us. There were stressful moments. But you get even stronger and also proud when you handle those situations and the endresult is there.

15. Studéieren ass déi schéinsten Zäit am Liewen. Daat sote mir vill Leit am viräus an dat kann ech just bestätegen. Géi wäit fort, verlooss deng Comfort Zone an rees duerch d'Welt.

16. Studien Zait war MEGA! Dei éischt Kéier ganz selbsstänneg, Tonnen nei Léit kennen léieren an ja. Ech kann et jidderengem nemmen urooden.

17. Studéieren ass eng Chance, et ass en téschent awuessen a jugendlech sinn. Et huet en also vill méi Fräiheeten awer nach net sou vill Flichte wei wann ee schafft. Am verglach zum Lycée kanns de endlech dat maache wat dech interesséiert an du hues d' Méiglechkeet vill auszeprobéieren z.B. an nnewe Fächer an sou nach méi genau erauszefannen wat dech wierklech interesséiert. Du léiers néi Léit kënnen an néi Plätzen, wanns de dech z.B. fir e Studium am Ausland entscheets. Natierlech ass e Studium och net déi ganzen Zéit super, et ass vill Aarbecht, et si vill néi Erfahrungen déi och kënnen iwverfuere sinn. Mee et ass eng Zéit déi een sou net nach eng Kéier kann aliewen an aus menger Siicht jiddefalls derwäert.

18. It was hard work, as the first 2 years we've got courses from 8am to 6pm, and that every weekday! The first year was also a „probatory“ year, which means they only selected about 12-16 people out of 50 into the 2nd year. There's a lot of practical projects to do during that year, with very little help from the school, mostly to see who the most autonomous and enduring people are in the class. It sometimes felt like a race, where you could not end up last or you would be kicked out. However, my classmates were great and we weren't competitive against each other, on the contrary, there was a lot of teamwork because we needed each other's help to get through every project. I made a lot of friends and contacts that are still important now, as most of us work in the same domain, and learned that making films is a group effort.


The later years were less hectic, but more competitive: in the 3rd year (last Bachelor's year), only 12 people could get selected into the Fiction branch of the Master's course, which was the main objective of almost

everyone. And only 5 people could get selected for an end-of-studies fiction film - you didn't automatically pass if you got everything right in your first year of Master's degree, your script for the last film needs to get through a jury and be approved. That was the case for me, my 1st-year-Masters-film got great reviews and went to festivals - but my fiction script for the end-of-studies film got rejected.

I finished my degree with a documentary film, so the last year was a bit disappointing for me. The school doesn't support documentaries as much as fiction films, so it made me feel less important next to my fellow fiction classmates - which is absolutely idiotic, and showed me the limits of what the school could bring me. But when I finished school, I had already hundreds and hundreds of contacts that started working on all kinds of shoots, and I quickly found small jobs through them, while developing my own projects.

19. It was a great time to get to know peers and find stuff out about myself. Definitely a very interesting and giving time in my life.

20. Ech hu nom Bachelor opgehal, well ech keng Loscht méi hat, ze léieren. Iergendwann bass de ze aal, fir der vun denge Klassekomeroden unzehéieren, wéi gutt se sech op de leschten Examen virbereed hunn



Wéi huet däi Studium dech (net) dohinner bruecht, wou s du haut bass? // How did your studies (not) bring you to where you are today?

Mein studium huet mech virun allem mat leit zesummegebruet dei ähnlech virstellungen (oder och ganz annerer) haten wei ech wat immens als inspiratiounsquell ass. Inhaltlech war mein studium net esou top mee eng base hun ech do schon kritt.

Wat wolls du nom Lycée maachen? // What did you want to do after high school?

Irgendeppes mat werbung

Wat hues du tatsächlech nom Lycée gemaach? // What did you actually do/study after high school?


Irgendeppes mat medien (medien design)

Wat mäss du haut? // What are you doing today?

Irgendeppes mat konscht. Ech schaffen fir en konschtkollektiv am beraich film an machen och freelance graphic design arbescht.

(Wéi) hues du rausfonnt, wat s du wierklech maache wëlls? Wat hues du dobäi iwwert dech raus fonnt? // How did you discover what you really like doing? What were your key insights about yourself?

Trial and error. Praktika während dem studium hun mer virun allem gewissen wat ech met well machen. Ed war mei en ausschlussverfahren an dann sin ech bei sachen henken bliwwen dei mir spaß gemach hun.



Wat wolls du nom Lycée maachen? // What did you want to do after high school?

Ech wollt Theater a Film maachen an war mer sècher, dass dat bedäit, dass ech Schauspiller gi wëll.

Wat hues du tatsächlech nom Lycée gemaach? // What did you actually do/study after high school?

No der Première sinn ech als éischt op déi meescht éffentlech Schauspillschoulen am däitschsproochegen Virschwëtze gangen, wou ech néirens geholl gouff. Dono hunn ech ugefangen mech fir Kamera ze interesséieren an hunn ee Stage vu 6 Méint als Kamerassistent bei enger lëtzebuerger Produktionsfirma gemaach.

Wat mäss du haut? // What are you doing today?

Haut schaffen ech als fräischaffenden Dréibuchauteur an Däitschland.

(Wéi) hues du rausfonnt, wat s du wierklech maache wëlls? Wat hues du dobäi iwwert dech raus fonnt? // How did you discover what you really like doing? What were your key insights about yourself?

Film an Theater hu mech mäi Liewe laang scho begeeschtert, mee ech hunn ee lange Wee gemaach, bis ech rausfonnt hunn, wouhier déi Begeeschterung genau kënn. Op dem Wee hunn ech ganz vill verschidenes ausprobéiert: Schauspiel, Regie, Kamera, Luucht, Setdesign, Schnëtt, Color-Grading... am Moment sinn ëch sècher, dass Geschichten schreiwen (collaborativ an alleng) dat ass, wat mir am meeschte Spaß bréngt a menger Begeeschterung am gerechteste gëtt. Mee ech war schon oft sècher an et ass onméiglech ze plangen, wat engem nach alles begéine wärt.

Wéi huet däi Studium dech (net) dohinner bruecht, wou s du haut bass? // How did your studies (not) bring you to where you are today?

Ech hunn Mediekommunikatioun am Bachelor studéiert an der Hoffnung, dass ech meng Onentscheidenheet iwwer wat ech genau maache wëll, bei engem „eppes mat Medien“-Studium, dat sou breed wéi méiglech gefächert ass, iwwerkomme kann an eng Revelatioun fannen. De Studium huet inhaltlech wéineg bruecht an dem Pubnkt. Mee ech hu vill aner Sachen geléiert, mäin Horizont vun dem wat mech interesséiert (wat et iwwerhaupt gëtt) ass méi breed ginn an déi Zäit fir meng Interessen an den Austausch mat souville jonken, politëschen an engagéierte Menschen, huet mech op eng Art a Weis weiderbruecht, wéi een sèch dat virun engem Studium net erkläre kéint.

Wat wolls du nom Lycée maachen? // What did you want to do after high school?

Ech wollt u sëch ëmmer Illustratioun a Grafikdesign studéieren. // I've always wanted to go study Illustration and Graphic Design.

Wat hues du tatsächlech nom Lycée gemaach? // What did you actually do/study after high school?

Tatsächlech hunn ech fir d'éischt mol e kuerzen Stage an deem Beräich gemeet, well ech leider fir d'Studium net ugeholl gouff. Dunn hunn ech mäi „Plang B“ ëmgesat an e Studium an der Konschtgeschicht ugefaangen, mee dat war net dat Richtegt fir mech. // I first completed a short internship in that area, because I had unfortunately been rejected from studying my preferred course. Then I applied my „plan B“ and started studying history of art instead, but it wasn't the right fit for me.

Wat mëss du haut? // What are you doing today?

Haut, *trommelwirbel*, studéieren ech tatsächlech Illustratioun a Grafikdesign. Ech si lo am läschte Joer. // Today, *drumroll*, I am actually studying Illustration and Graphic Design. I'm now doing my final year.

(Wéi) hues du rausfonnt, wat s du wierklech maache wëlls? Wat hues du dobäi iwwert dech raus fonnt? // How did you discover what you really like doing? What were your key insights about yourself?

Duerch méng éischt, „negativ“ Studienerfahrung. Dee „Plang B“ huet mir virun Aen gefouert dass ech u sëch wierklech onbedingt Illustratioun a Grafikdesign maache wollt. // Through my first „negative“ experience studying. This „plan B“ showed me that I really really definitely wanted to do Illustration and Graphic Design at the end of the day.

Wéi huet däi Studium dech (net) dohinner bruecht, wou s du haut bass? // How did your studies (not) bring you to where you are today?

Dotuerch dass mäi Studium mir einfach vill Raum fir Experimenten gëtt an ech d'Méiglechkeet kréien souvill Neies a méngem Beräich ze léieren a méng vir-existéierend Stärkten virun auszubauen. // Through granting me the space for experimenting and the possibilities to learn so many new things and techniques and to push my pre-existing skills forward.



Wat wolls du nom Lycée maachen? // What did you want to do after high school?

war mir met secher waat genau maachen

Wat hues du tatsächlech nom Lycée gemaach? // What did you actually do/study after high school?

studeiert Geeschteswessenschaften

Wat mëss du haut? // What are you doing today?

schaffen an deem Beruf

(Wéi) hues du rausfonnt, wat s du wierklech maache wëlls? Wat hues du dobäi iwwert dech raus fonnt? // How did you discover what you really like doing? What were your key insights about yourself?


Andeems ech verschidden Saachen während dem Studium niewebai probeiert hun

Wéi huet däi Studium dech (net) dohinner bruecht, wou s du haut bass? // How did your studies (not) bring you to where you are today?

a Punkto Faktewessen huet e mech schon virbereed, mee a Punkto intrinschescher Motivatioun hun ech missten an puer Bereichen schaffen fir een Androck ze kreien

Wat wolls du nom Lycée maachen? // What did you want to do after high school?

Eppes mat Theater



Wat hues du tatsächlech nom Lycée gemaach? // What did you actually do/study after high school?

Bachelor Darstellendes Spiel a Germanistik op Lehramt
Master Theaterpädagogik

Ech hu gemierkt, dass ech verschidde Saachen zwar gäre maachen oder mech interesséiere fir Verschiddenes, dat awer net onbedéngt heescht, dass ech dat studéiere wëll an doraus mäi Beruff maache wëll.

Wat mëss du haut? // What are you doing today?

Ech schaffen indépendant als Schauspillerin an Theaterpädagogin

Wéi huet däi Studium dech (net) dohinner bruecht, wou s du haut bass? // How did your studies (not) bring you to where you are today?

Mäi Studium huet mech amfong zimlech genau dohinner bruecht, wou ech haut sinn.

Natierlech war dat gemëscht mat anere Faktoren, zB Leit, déi ech schon bei Projet'e virun a während dem Studium kennegeléiert hunn. An natierlech léiert ee ganz vill während dem Maachen, während dem Schaffen. Et sammelt een Erfahrungen a mécht de nächste Projet anecht, besser, oder - je no Bedingungen - net.

Amfong ass et sou:

Mäi Basis-wëssen hunn ech aus dem Studium. Dat wenden ech am Schaffen un. Mee opgepasst! Et muss ee flexibel bleiwen, a säi geléiert Wëssen un de Berufsalldag an und d'Berufsrealitéit upassen! (wat heinsdo/oft net dat ass, wat een an der Theorie léiert!)

(Ech war och zB bei e Grafiker kucken an hu mat deem geschwat, fir schlussendlech ze mierken, dass et dat NET ass, wat ech maache wëll!)

Wat wolls du nom Lycée maachen? // What did you want to do after high school?

An eng Filmschoul goen fir de Realisateur Metier ze léieren.

Wat hues du tatsächlech nom Lycée gemaach? // What did you actually do/study after high school?

E Geschichtsmaster (5 Joer)

Dunn hunn ech schlussendlech och Film studéiert (3 Joer)

Wat mëss du haut? // What are you doing today?

Säit 2011 a bis Februar 2023 hunn ech zu Lëtzebuerg als Script/Continuity op internationale Co-produktioune geschafft, suwuel wéi och als Realisatrice, vu gréissten-deels Kuerzfilmer.

(Wéi) hues du rausfonnt, wat s du wierklech maache wëlls? Wat hues du dobäi iwwert dech raus fonnt? // How did you discover what you really like doing? What were your key insights about yourself?

Ech wollt säit mengem 14te Liewensjoer Film Realisatrice sinn, an dat huet sech bis haut (hunn 39 Joer) net geännert.

Wéi huet däi Studium dech (net) dohinner bruecht, wou s du haut bass? // How did your studies (not) bring you to where you are today?

Mäi Geschichtsstudium huet mer Methodologie bäibruucht, z.B. fir ze léieren wéi ee Recherche mécht, suwuel wéi vill Allgemengwëssen, wat mir och a menger Aarbecht als Zeenaristin a Realisatrice hëlleft.

Ech hunn och gemierkt datt, e Master an der Geschicht ze hunn, mer (esou traureg et vläit ass), e gewëssent Selbstvertrauen ginn huet. Ech hu mech och doduerch an der Film Aarbéchtswelt net „ausbeute“ gelooss, well ech wosst datt ech net finanziell vun hinnen ofhängeg wor. Ech konnt doduerch mäi Salaire mat méi Selbstvertrauen négociéieren.



Wat wolls du nom Lycée maachen? // What did you want to do after high school?

Well ech ursprénglech Schauspiller gi wollt sinn ech schonn um Schluss vun der Schoulzäit op Schauspillschoulen virschwätzen gaangen. Ech hunn awer séier gemierkt, dass déi Schoulen mir ze autoritär woren. Ech hat d'Gefill, dass een am Schauspill ze dax just déi kreativ Iddien vun aneren, zB. der Regie, émsetze géif. Mat der Erkenntnis, dass dat näischt fir mech ass woren allerdéngs och meng Zukunftspläng, déi ech dee Moment schonn zanter Joeren hat, ob ee mol fort. Ech hunn no der Premiere nei iwwerleeën mussen, wosst awer ëmmerhin, wat ech net wollt - dat wor eng wichteg Erfahrung.

Wat hues du tatsächlech nom Lycée gemaach? // What did you actually do/study after high school?

No der Premiere hunn ech mech zu Lëtzebuerg enger Theatergrupp ugeschloss an donieft ee Stage bei enger Dréckerei gemaach. Sou ee Stage „am Medienberäich“ wor d'Konditioun fir op verschiddenen Design-Héichschoulen ugeholl ze ginn. Ech hu mech schlussendlech éischt fir d'Summersemester (d.h. am däitsche System ab Abrëll) fir d'Fach Mediendesign ugemellt - hat also eng Zort halleft Gapyear ier ech op d'FH Mainz gaangen sinn. Staatlech Fachhéichschoulen sinn praktesch gratis a besser unerkannt an am Bachelor léiert een op allen Designschoulen op privat oder staatlech souwiesou dat nämlecht - mee et ginn dax Opnahmeprüfungen. Virun deenen muss ee wierklech keng Angscht hunn, fir sécher ze goen hunn ech mech op 5 verschiddenen Schoulen gemellt an gouf bei 2 ugeholl.

Wat mëss du haut? // What are you doing today?

Haut schaffen ech endlech fulltime am Konschtsecteur, an kann dat selwer nach net richteg gleewen. Ech schaffen an engem gréissere Grupp an iwwerhuelen vill vun den administrativen, organisatorischen a konzeptuellen Aufgaben fir de Grupp um Laafen ze halen an eis finanziell ofzesécheren. Dat kléngt lo net spektakulär, mee ech hu geléiert dass grouss Deeler vun der kreativer Aarbecht an der Phase vum Plangen schonn virentscheid ginn, ech géif also soen, och Organisatioun am Konschtberäich ass een immens kreative Beruff. Ech sinn awer och immens frou, direkt an de kenschtlerechen Beräicher schaffen ze können, am léifsten an heefegsten an der Recherche an am Script/Text an am Bühnenbau an Decoren.

seng eenzegaarteg, individuell a schicksalshaft Liewensbestimmung ass. Zevill Leit stressen sech mat der Fro an ginn onglécklech. Mir huet gehollef mir bewosst ze ginn, wéi ee krasse Privileg et ass sech iwwerhaupt Gedanken maachen ze kënnen an Choixen ze hunn. An fir mech huet sech aus deem Privileg (besonnegt als wäissen Cis-Mann mat gudder Educatioun an aus deem räichste Land op der Welt) d'Veantwortung erginn alles wat a menger Kraft stécht ze probéieren fir d'Welt méi gerecht ze maan.

Wéi huet däi Studium dech (net) dohinner bruecht, wou s du haut bass? // How did your studies (not) bring you to where you are today?

Dat wichtigst ass: raus aus Lëtzebuerg! Wann een sech ee Liewen ausserhalb vu Lëtzebuerg ufänkt opzebauen mierkt ee séier, wat fir een komescht Disneyland Lëtzebuerg u sech ass, wéi vill et soss nach z'entdecken gëtt a wéi aner kreativ Millieuen funktionéieren. Meng zweet Erkenntnis ass, dass d'Studium just eng Rumm ass, an der einfach een neit Liewen entstoen kann - de Studium sollt een net ze seriö huelen, mee als eng Zäit verstoen an der en d'Welt, säin Emfeld a sech selwer besser an nach anescht kenne léiert an einfach vill Saachen ausprobéiere kann. Et léiert een vun der Stad, vun deenen aneren Jonken, vun sengem selwerorganisierteren Liewen a lo fir mech perséinlech och vill vum Engagement an Aarbecht a Gruppen nieft dem Studiem. Et wor also schlussendlech alles „ronderëm“ de Studium, wat mech dohinner bruecht huet, wou ech haut sinn.

(Wéi) hues du rausfonnt, wat s du wierklech maache wëlls? Wat hues du dobäi iwwert dech raus fonnt? // How did you discover what you really like doing? What were your key insights about yourself?

Fir rauszefannen, „wat ee wierklech maachen wëll“ muss een menger Meinung no ophalen ze hoffen, dass wann ee sech laang genuch Gedanke mécht a gutt genuch sicht op ee mol d'Erkenntnis do ass, wat engem

Wat wolls du nom Lycée maachen? // What did you want to do after high school?

I wanted to become an art teacher for the longest time because 1) there always seemed to be a need for education personnel and 2) I didn't want to lose touch with art in general.

Wat hues du tatsächlech nom Lycée gemaach? // What did you actually do/study after high school?

I went to Switzerland to study art restoration and conservation.

Wat mëss du haut? // What are you doing today?

Currently I'm in my second year of studies and I have chosen to focus on the restoration of paintings and sculptures.

(Wéi) hues du rausfonnt, wat s du wierklech maache wëlls? Wat hues du dobäi iwwert dech raus fonnt? // How did you discover what you really like doing? What were your key insights about yourself?

When my final year of high school was coming to an end, I started to become less excited about spending my life teaching art to people who wouldn't appreciate it the way I think it deserved to be appreciated. I wanted to do something where art was the absolute focus and where I could contribute to culture and education but from a less direct role. It was a little spontaneous that I ended up with what I'm doing now since I only really found out this program existed after my dad sent me an article from the Technical University of Cologne, I believe, and it seemed perfect.

Wat wolls du nom Lycée maachen? // What did you want to do after high school?

I wanted to become a writer or a musician, study literature and philosophy

Wat hues du tatsächlech nom Lycée gemaach? // What did you actually do/study after high school?

I studied literature and philosophy and then made a traineeship in journalism

Wat mëss du haut? // What are you doing today?

I am a journalist. Writing in a literary way is still an ongoing project! But aside the work I do to earn money, I discovered political activism as an absolute fulfilling thing in my life.

(Wéi) hues du rausfonnt, wat s du wierklech maache wëlls? Wat hues du dobäi iwwert dech raus fonnt? // How did you discover what you really like doing? What were your key insights about yourself?

My problem is that I like to do a lot of things, and that it's not possible to do all of them. So the question was not so much about finding out what I want to do, but rather to make choices against some of the things that I would love to do, but won't have the capacities. Still an ongoing issue. An interesting experience was the fact of being employed: A lot of beautiful things (journalism, writing...) are getting less beautiful when they have to be done inside a structure of hierarchy and profit. This was the most painful conclusion, but, in a positive way, it made me find out: I want to work in places, where there is real creativity and exchange, and the least hierarchy and profit-orientation possible.

Wéi huet däi Studium dech (net) dohinner bruecht, wou s du haut bass? // How did your studies (not) bring you to where you are today?

In the end, the studies didn't really matter for the job-application. I needed the degrees, but what mattered in the end, was practical experience (such as participation in university radio, writing for some magazines, etc etc). I'm glad I chose to study exactly what I wanted, instead of being too strategic about it.



Wat wolls du nom Lycée maachen? // What did you want to do after high school?

Get away as far as possible from Luxembourg and within my gap year, find „the“ right studies and „the“ job. (Spoiler: it never happened).

Wat hues du tatsächlech nom Lycée gemaach? // What did you actually do/study after high school?

I did a half-year EVS (European Voluntary Service, with the help of the SNJ) in the Balkans, at a media education centre. Then I did two stages in Luxembourg before going to university.

Wat mëss du haut? // What are you doing today?

I freelance in anything media-related (photo, video, audio, journalism).

(Wéi) hues du rausfonnt, wat s du wierklech maache wëlls? Wat hues du dobäi iwwert dech raus fonnt? // How did you discover what you really like doing? What were your key insights about yourself?

It is an on-going process! Every new experience makes it clearer what I like and what I don't like about my work environment. Being a freelancer also means that I am never stuck for too long in a shitty situation.



Wéi huet däi Studium dech (net) dohinner bruecht, wou s du haut bass? // How did your studies (not) bring you to where you are today?

The bachelor's studies were good to figure out what I liked doing the most - which was not attending lectures, but getting active in different (university) groups and meeting like-minded people. The studies gave me the freedom to get involved in many projects and find out which projects are meant to last and which ones are not.

Wat wolls du nom Lycée maachen? // What did you want to do after high school?

Op Berlin plënneren an design studéieren

Wat hues du tatsächlech nom Lycée gemaach? // What did you actually do/study after high school?

En hallewt joer Paus an dunn op Berlin geplënnert an kommunikatiounsdesign studéiert

Wat mëss du haut? // What are you doing today?


Schaffen am Konscht an Design Bereich als Freelancerin

(Wéi) hues du rausfonnt, wat s du wierklech maache wëlls? Wat hues du dobäi iwwert dech raus fonnt? // How did you discover what you really like doing? What were your key insights about yourself?

Vierun allem andems ech realisiert hun wat ech net well machen, fier watfier Clienten a Projeten ech net well schaffen, an duerch Praktika, net just duerch d'Studium

Wéi huet däi Studium dech (net) dohinner bruecht, wou s du haut bass? // How did your studies (not) bring you to where you are today?

Mein Studium huet eng basis geschaaf fier Fähegkeeten (obwuel ech mer vill hu misse selwer beibringen) an mer d'Meiglechkeet gin mech auszeprobieren, allerdengs hun ech mei duerch d'selwer schaffen an ausprobieren geleiert wei duerch d'Studium



Wat wolls du nom Lycée maachen? // What did you want to do after high school?

Bio-chemistry oder Droit

Wat hues du tatsächlech nom Lycée gemaach? // What did you actually do/study after high school?

Film Studien



Wat mëss du haut? // What are you doing today?

Schaffen ob Film sets

(Wéi) hues du rausfonnt, wat s du wierklech maache wëlls? Wat hues du dobäi iwwert dech raus fonnt? // How did you discover what you really like doing? What were your key insights about yourself?

Ech hat schon emmer am hannerkapp eppes mat film ze maan mee ech hunn ed onrealistesesch fonnt well ech neicht doriwer wosst an emmer sciencen gemach hunn mee dunn hunn ech aus onerklärleschen grenn mech geweigert een Science Studium un ze fänken an hunn fir een Film studium Applied an ech gouf ugeholl wat mech mega frou gemach huet, ed huet sech gud ugefillt richtung ze änneren an ze probeieren wat do raus giff kommen.

Wéi huet däi Studium dech (net) dohinner bruecht, wou s du haut bass? // How did your studies (not) bring you to where you are today?

Ech hunn fill leit kennen geleiert fun deenen ech mega fill geléiert hunn, menschlech an och Berufflech.



Wat wolls du nom Lycée maachen? // What did you want to do after high school?

I had a lot of pressure from society, that I definitely should study and if I don't go to university after school I will be a failure.

But I knew that I want to study only art subjects, and it was even harder, because society don't consider such specialities as real, and they try to scare you that you won't find a job or you always will be poor.



Wat hues du tatsächlech nom Lycée gemaach? // What did you actually do/study after high school?

I studied music. More specific: I studied art of playing electric guitar, classical guitar and sound engineering

Wat mëss du haut? // What are you doing today?

I work in art collective as a sound engineer, but I can also do more artistic stuff, like acting and drawing/painting. I think now I have the best job I have ever had.

(Wéi) hues du rausfonnt, wat s du wierklech maache wëlls? Wat hues du dobäi iwwert dech raus fonnt? // How did you discover what you really like doing? What were your key insights about yourself?

When I was in highschool I couldn't decide what should I study. I needed to make a choice between art and music. And somehow I chose music even when I knew I was better in art and I studied art longer during my school period. Probably music was more interesting for me at that moment, or more challenging. But I also thought about my personal rating of different types of art and for me music was on top position, I think it touch my soul more than visual art. lot of beautiful things (journalism, writing...) are getting less beautiful when they have to be done inside a structure of hierarchy and profit. This was the most painful conclusion, but, in a positive way, it made me find out: I want to work in places, where there is real creativity and exchange, and the least hierarchy and profit-orientation possible.

Wéi huet däi Studium dech (net) dohinner bruecht, wou s du haut bass? // How did your studies (not) bring you to where you are today?

Without studying music and sound engineering I wouldn't have chance to work where I am working now and where I worked before.

Wat wolls du nom Lycée maa-chen? // What did you want to do after high school?

Graphic Design or Art History

Wat hues du tatsächlech nom Lycée gemaach? // What did you actually do/study after high school?

I did study Graphic Design (Bachelor) in Cologne.

Wat mëss du haut? // What are you doing today?

I'm a Graphic Designer working in an Creative Agency.



(Wéi) hues du rausfonnt, wat s du wierklech maache wëlls? Wat hues du dobäi iwwert dech raus fonnt? // How did you discover what you really like doing? What were your key insights about yourself?

I knew since High School that I needed to do something related to Art and Culture and that I wanted to do something creative. It was the only possible option for me in high school and the only place where I felt comfortable. During my last years of high school I knew a few people who started their studies in graphic design and through them I got to know what it's all about and how many possibilities and directions graphic design offered.

Only during studies I found out that theory is nothing for me... but working, grinding and the love to see the endresult of a project you worked on for a long time. Also that it can in certain situations be a tool of self-expression.

Wéi huet däi Studium dech (net) dohinner bruecht, wou s du haut bass? // How did your studies (not) bring you to where you are today?

Through the possibility of doing a one month internship in an international agency I learned about the "agency lifestyle" the fun moments... the stressful moments and learned to love it. I always knew I wanted to work in an multicultural international and small team. That's what I'm doing today.




Wat wolls du nom Lycée maa-chen? // What did you want to do after high school?

Usech wollt ech an d'Richtung Marketing oder Grafikdesign goen

Wat hues du tatsächlech nom Lycée gemaach? // What did you actually do/study after high school?

Ech hunn dunn Mediendesign zu Köln als Bachelor gemaach, wat zimlech breet gefächert war. Am Master hunn ech dunn Service Systems Design zu Kopenhagen studéiert. of playing electric guitar, classical guitar and sound engineering



Wat mëss du haut? // What are you doing today?

Ech sinn elo Designer an Workshop Facilitator um INAP zu Lëtzebuerg.

(Wéi) hues du rausfonnt, wat s du wierklech maache wëlls? Wat hues du dobäi iwwert dech raus fonnt? // How did you discover what you really like doing? What were your key insights about yourself?

Ech hunn während menger Studienzeit extrem praktesch geschafft, mat ville Projeten a Kooperatioun mat Entreprises, wat méi flott war wéi fiktiv Projeten op der Uni. Ech hunn äusserdeem 2 Stagen vu 5-6 Méint Vollzäit an Entreprises gemaach, daat huet vill gehollef d'Realität kennenzeléieren an z'identifizéieren, wat ee wierklech maache well a wat net.

Wéi huet däi Studium dech (net) dohinner bruecht, wou s du haut bass? // How did your studies (not) bring you to where you are today?

Studien ginn engem keng Beruffserfahrung, dofir ass et wichteg niewebäi ze schaffen oder probéieren Stagen ze maachen. Nëmmen mat mengen Studien an ouni meng Arbeschtserfahrung hätt ech net déi Karrierechancen gehaat, déi mer elo no mengem Studium ugebuede gi sinn.

Wat wolls du nom Lycée maachen? // What did you want to do after high school?


Am léiwsten Gap year, do ware meng El-tren awer dergeint. Ech wollt onbedengt Konschtprof gin an hun wollt dofir an Dait-schland studéieren.

Wat hues du tatsächlech nom Lycée gemaach? // What did you actually do/study after high school?

An Frankraisch Arts Plastiques studéiert.

Wat mëss du haut? // What are you doing today?

Sin am leschten Joer Stage Fonctionnaire fir Konschtprof.




(Wéi) hues du rausfonnt, wat s du wierklech maache wëlls? Wat hues du dobäi iwwert dech raus fonnt? // How did you discover what you really like doing? What were your key insights about yourself?

Ech wosst dass ech mat Kanner schaffen weilt an dass mer Konscht um Hearzen lait. Doweint war main Choix schnell gemach. Ech misst a Frankraisch studeieren well ech an Daitschland net ugeholl guff an et net vill Infos vum CEDIES guff wat geing unerkannt gin.



Wéi huet däi Studium dech (net) dohinner bruecht, wou s du haut bass? // How did your studies (not) bring you to where you are today?

Main Studium huet mer et erméiglech am Stage ugeholl ze gin an den Concours derfen ze schreiwen. Wieklech preparéiert op daat wat ech elo schaffen, huet et mech awer net.



Wat mëss du haut? // What are you doing today?

Haut schaffen ech als Bühnederin/ Bühn-bildassistentin

Wat wolls du nom Lycée maachen? // What did you want to do after high school?

Nom Lycée wollt ech ob Wien Bühnederin studeiere goen.

(Wéi) hues du rausfonnt, wat s du wierklech maache wëlls? Wat hues du dobäi iwwert dech raus fonnt? // How did you discover what you really like doing? What were your key insights about yourself?

Fir mech war et scho relativ frei kloer dass, ech am Theater schaffe wéilt, konnt mir awer eng Schauspiel Ausbildung fir mech perséinlech net virstellen. Duerch den TNL Jugendclub hunn ech dann vum Beruff vum/ vun der Bühnederin*in héieren. Ech hu rausfonnt, dass ech onbedéngt deel vun der Theaterwelt wéll sinn, dat awer net heescht, dass ech ob der Bühn muss stoen, mee dass et hannert der Bühn och vill cool Beruffer gin.

Wéi huet däi Studium dech (net) dohinner bruecht, wou s du haut bass? // How did your studies (not) bring you to where you are today?

Et ass sou dass en et net onbedéngt Bühnederin studéiere muss fir an dem Beräich ze schaffen, mee mäi Studium huet mir vill Dieren opgemaach. Ech hunn duerch mäi Studium Leit kënne geléiert a Jobs kritt déi ech soss net kritt hätt oder kënne geléiert hätt. Natierlech hunn ech och vill geleiert wat ech a mengem Beruff brauch, mee virun allem huet mäi Studium mir d' Selbstvertraue gin, dass ech dat wat ech a mengem Beruff maachen och wierklech kann.

Wat hues du tatsächlech nom Lycée gemaach? // What did you actually do/study after high school?

Nom Lycée hunn ech ee Semester Film-Theater- a Mediewissenschaft studéiert fir mir Zäit ze huele meng Mapp ze maache, fir mech dann ob der Akademie der bildenden Künste Wien beim Studiengang Bühnederin ze bewerben.

Wat wolls du nom Lycée maa-chen? // What did you want to do after high school?

My studies gave me the basics of getting from A to Z on a film project. Working on the projects of my classmates and of pretty much every other student in the school, no matter their year, was also a huge opportunity to understand what each shoot needs, and how to adapt to the project.


Wat hues du tatsächlech nom Lycée gemaach? // What did you actually do/study after high school?

I applied to 2 different film school in Belgium, and got accepted in one of them, the „Institut des arts de diffusion“, where I got a Master's Degree in „Réalisation Cinéma“. Having a master's degree doesn't really do much in this domain, but you get to make 2 actual short films during that degree, films that you can send to festivals, which is a huge opportunity.

Wat mëss du haut? // What are you doing today?

I am still a film director (mainly in Belgium), now preparing my first feature film, 8 years after finishing film school, while also preparing 2 short movies.

I also work as an archive researcher on documentary films, and as an assistant director on various projects, because you rarely can survive on director-jobs alone. But I recently got the statut d'artiste in Belgium, which really helps me to not run from one day job to another.



Den Eefalt



(Wéi) hues du rausfonnt, wat s du wierklech maache wëlls? Wat hues du dobäi iwwert dech raus fonnt? // How did you discover what you really like doing? What were your key insights about yourself?

The random film school ad triggered an interest, but it's actually going to the film school that made me realise that I not only love writing, but also love directing actors. It made me attune to my sense of empathy, my eye for details, my storytelling - all things that I already had from the beginning but only started understanding when I had to actively use them. Also a lot of patience had to be learned, to get through every shoot.

Wéi huet däi Studium dech (net) dohinner bruecht, wou s du haut bass? // How did your studies (not) bring you to where you are today?

My studies gave me the basics of getting from A to Z on a film project. Working on the projects of my classmates and of pretty much every other student in the school, no matter their year, was also a huge opportunity to understand what each shoot needs, and how to adapt to the project.

- But my school also failed in a few things:
- in the director's course, there was basically no technical courses, we did not learn how to use light sources, how to understand camera or sound gear, etc. I had to learn these by experimenting on Richtung22-sets, or by asking small workshops from technician friends.
 - the school believes to be part of an elite, which makes their end-of-year jury feedback hard to get through, as they sometimes forget it's a school. But it kinda prepares you to the reality of actual professional juries.
 - they only prepares us to become film directors (as in films for cinema) - but a director can do more than film, and can learn different systems besides the vertical hierarchy of classic film sets.



Wat wolls du nom Lycée maachen? // What did you want to do after high school?

study art in Germany

Wat hues du tatsächlech nom Lycée gemaach? // What did you actually do/study after high school?

study art in Germany

Wat mëss du haut? // What are you doing today?

live and work as a freelance artist

(Wéi) hues du rausfonnt, wat s du wierklech maache wëlls? Wat hues du dobäi iwwert dech raus fonnt? // How did you discover what you really like doing? What were your key insights about yourself?

It's been pretty clear from the get go that I want to become an artist and it turned out to be a self-fulfilling prophecy. It is the one thing I have been doing since I was 16 years old and it is still what I want to do and have been doing ever since.



Wéi huet däi Studium dech (net) dohinner bruecht, wou s du haut bass? // How did your studies (not) bring you to where you are today?

Studying art was very important to connect with peers and professionals in the field and further develop my practice. I studied in 3 different cities and it was a decision I had to take to get to where I am now. Without the professional feedback I would definitely not be where I am now.

(Wéi) hues du rausfonnt, wat s du wierklech maache wëlls? Wat hues du dobäi iwwert dech raus fonnt? // How did you discover what you really like doing? What were your key insights about yourself?

Ech hunn virum / während dem Studium vill Concerten gespillt, a mech esou gréisstendeels selwer finanzéiert.

Ech hu gemierkt, dass do Perspektiven entstann sinn, dass et ekonomesch gesinn kéint opgoen. Et war och eppes, wat mer Spaß gemaach huet.

Meng Perspektiven no der Uni mat Bachelor waren och relativ onsécher (Freelance), an ech hunn et einfach als Musiker probéiert.



Wat wolls du nom Lycée maachen? // What did you want to do after high school?

Studéieren fir (Kultur-) Journalist (Radio)

Wat hues du tatsächlech nom Lycée gemaach? // What did you actually do/study after high school?

Bachelor Publizistik / Politikwissenschaft

Wat mëss du haut? // What are you doing today?

Fräischaffende Kënschtler / Intermittent du Spectacle (Musik)

Wéi huet däi Studium dech (net) dohinner bruecht, wou s du haut bass? // How did your studies (not) bring you to where you are today?

Schwéier soen, well ech eppes komplett aaneres studéiert hunn. Ech bereien dat net per se, mee ech denke mer, en aanere Choix, zb. Touningenieur, géing mer a mengem Alldag méi hellefen.

Wat soten deng Elteren oder däin Ēmfeld zu dengem Studienwonsch? // What did your parents/environment say about your desired field of study?

1. Dei meescht verstin bis haut net genee wat medien design amfong ass. Ech mieren emmer nees dass amfong dovun ausgangen gett dass ed basically grafik design ass (wat net de fall ass). Meng famill war awer ganz supportive genre „we don't get it but we support you“

2. Ech hat am Verglach mat deene meeschte vill Chance a meng Elteren hu mech emmer ennerstëtzt. Mee sécherlech hat mäin Ēmfeld och oft genuch Gedanken, dass bei sou vill Onentschlossenheet an Ofwiesslung ech Zäit verléieren.

3. Méng Elteren haate kee Problem domatt. Et gouff zwar heiansdo mol deen een oder aneren „besuërgten“ Kommentar aus Suërg et wier schwéier domatt tatsächlech Suen ze verdingen, mee generell huet sèch mir do keen an de Wée gestallt. // My parents did not mind. There was the odd casual „worrying“ comment on how it might be hard to earn a living with it, but generally no one tried to stop me.

4. hun mech emmer produktiv ennerstetzt

5. Ech hat déi grous Chance, dass meng Elteren mech deelweis suguer op d'Iddi bruecht hunn dat ze maachen, wat ech maa-

chen. Si hu mech emmer ennerstëtzt a ware frou, dass ech zefridde war am Studium.

Mäin Ēmfeld huet et och intressant fonnt, och wann net emmer jidderee genau verstanen huet, wat ech do eigentlech sou maachen

6. Meng Elteren wollten datt ech fir d'éischt eppes aneshtes ewéi Film studéiere ginn. Eppes wat mer erlaabe kéint en „anstännege“, méi „sécheren“ Job ze hunn.

7. Meng Elteren a meng Bridder hu mech voll ennerstëtzt, och wa si sech net emmer virstelle konnten, wat fir ee Wee ech do grad ginn an „de Konschtsecteur“ vu baussen sou zimmlech dat wackelegst Berufsfeld ass, wat ee sech virstelle kann. D'Ēmfeld an der Schoul wor zimmlech skeptesch, vill Leit denken sech, dass Leit déi Konscht maachen wëllen dann iergendwann méi spéit „seriö“ gi géifen an dann op eppes „Richtegs“ an „Anstänneges“ switchen.

8. I think most people were surprised to hear about it but mainly because it's not a stereotypical field to go into; I can't count how many times I've heard „Oh! Well that's something different!“ But overall my environment has been very supportive and encouraging me to do what I love even when I myself have been questioning the road I'm going.

9. My parents were extremely worried and were afraid that I would end up jobless. I remember that we had a lot of fights about it, and that they tried to convince me of something else. Today, I think they completely forgot about it, nobody has a doubt anymore that it was the right choice.

10. They were confused about anything that was not ‚classical‘ aka anything leading up to a teacher's position or becoming a lawyer or doctor.

11. Meng Elteren a mein Ēmfeld hu mech eigentlech emmer ennerstetzt. Mais natierlech hu sie och gehofft dass ech herno genuch Geld verdenge kann. Ech muss dozou awer soen dass ech mat Kommunikatiounsdesign/Grafikdesign warscheinlech een vun denen mat am mannsten onsecheren Konschtstudiegäng gemach hun.

12. ‚Asou wat schaffs du dann herno?‘ ‚Dass just een iwergang fir herno aaner studien ze maan ed sinn jo net fill Joeren‘ Meng Elteren hunn mech ennerstëtzt mee sie sinn elo nach emmer ganz skeptesch wat och verständlech ass well an der film-industrie schaffen heescht, fun mound zu mound ze liewen

13. My mum said that all artists are clowns... It was offensive. In general my parents didn't consider it as something serious. My brother told me that I will play guitar and ask for money on the street. (I did it once haha and I earned more than I would earn for 1 hour in mcdonalds) But at the end of study teachers always say that we also should become teachers, because it's the easiest way to earn money by music.

14. I was very lucky that my parents were always very supportive of my studies ebentough they did not really know what is what about, they always showed interest.

15. Meng Bom wollt léiwer „dass ech epps richtiges studéieren“. Mee ech hu mäi Choix ni bereit an fanne meng Studie wéi och mäi Beruff extrem relevant a wichteg.

16. Dei waren all d'Accord. Meng Elteren hu mech emmer an dem Ennerstëtzt wat an hieren Aan och realistesch war. Sie waren och op der E schon eng grous Ennerstetzung.

17. Ech hat Chance, meng Elteren a Frënn*dinnen hu mech emmer ennerstëtzt. Bei mengem aneren Ēmfeld koum oft de Kommentar: „An wat méss de dono domat?“

18. My parents were worried at first, they wanted to push me to do a BTS instead of going immediately to a film school, which was a confusing argument from them, as my film school had a more complete program than any BTS. But the minute they saw my first projects, they were actually proud and had no issues anymore. Of course they're still worried about the financial issues that follow this career, as I earned very little in the first years, it took a while to be financially stable.

19. My parents supported me since day one, would have preferred for me to study something that provides more security for the future, but the moment they realised that it was working out quite well they supported me even more.

20. Hu mech ennerstetzt, och wou ech gesot hunn, ech wéillt Kenschler ginn.

SIERGEN?

Wat waren deng gréisste Suergen an Ängscht virum Studium a wéi bass du domat eens ginn? // What were your biggest worries and fears before your studies and how did you cope with them?

1. Dass ech net genuch talent hun fir en kreativ studiengang.

2. Dass ech keng Frënn fannen wäert a schonn déi most basic Saachen (och Organisatoresches) net verstoen an iergendepes falsch maache wäert. Séier hunn ech gemierkt: et geet all Mënsch sou an et kann ee wonnerbar bonden iwver gemeinsam Konfusioun.

3. Verluër an iwverfuërdert ze sinn. Ech sinn domatt eenz ginn andeems ech mer genuch Zäit fir mech geholl hunn a mat Famill a Frënn iwver alles geschwat hunn. // Feeling lost and overwhelmed. I coped by allowing myself time for self-care and by talking to family and friends about everything.

4. Ech haat mer an sech net souvill Gedanken gemeet, well ech eischter een positiv denkende Mensch sin

5. Ech hat d'Gefill, et wier eng riisen Entscheidung, ze soen: „Wat wëll ech spéider eng Kéier maachen“ an dofir hunn ech och virum STudium gefaart, dass et vläicht awer net dat ass, wat ech wëll maachen.

Mee ech hu mer probéiert keen Drock ze maachen, an einfach mol dohinner ze goen a mäi Beschte ze ginn.



Meng Elteren hunn awer och gehollef, well si vun Ufank u soten: et ass net schlëmm, wann s de mierks, et ass dat Falscht an s de dann eppes aneres wëlls maachen.

6. Ech hunn ëmmer gefaart net an eng reputéiert, staatlech Filmschoul ugeholl ze ginn. Schlussendlech sinn ech ni an esou eng ugeholl ginn. Ech hu geléiert et z'akzeptéieren, andeems ech mer sot datt et esou vill Weeër ginn ewéi et Realisateure ginn. Et wor u mir meng eegen Trajectoire ze zeechnen, an ech kéint nach ëmmer dohin ukommen wou ech wollt ukommen, soulaang ech um Ball bleiwe géif.

7. Déi gréisst Momenter vun Ängscht a Suergen woren déi, an deenen et iwver wäit Strecken (Wochen a Méint) keng fest Pläng a Perspektive gouf. Do hunn ech ugefaangen mech gezwongen ze spieren meng Iddien, Dreem a Hoffnungen iwver Bord ze geheien. No der Schoul wosst ech net wat ech studéiere soll an ob ech anzwousch ugeholl ginn. Noom Bachelor wosst ech net op

ech ee Master maachen kéint a wat ech iwverhaapt gi wollt. Noom Master wor et um Ufank onméiglech een Job ze fannen. Am Job am Konschtsecteur kommen déi ganzen Zäit Momenter wou een absoult net weess ob dat alles weidergoen kann. Ze waarden an komplett Ongewëssheet dreiwen d'Zweifel un. Mir huet gehollef ze wëssen, firwat ech dat alles sou wollt a firwat ech weidermaachen wollt. An et geet eben ëmmer iergendwéi weider an et sollt een sech net verréckt maachen, wann Plang A, B an C net klappen. Fir mäi Master gouf ech un 11 Unien ofgelehnt an vun der 12ter geholl an ech mengen dat wor dat gréisstent Gléck a mengem Studium iwverhaapt, well sou duerch Zoufall an der menger Meenung no schéinster an inspiréierenster Stad geland sinn.

8. As a fairly introverted person I feared not having a social life and being isolated because I'm unable to take initiative in approaching people. In addition to that came the language barrier as Swiss-German can be a mouthful. Here my friends in Luxembourg



played a key role, making sure I always had someone to talk to and eventually I also found people here that appreciated me despite my awkwardness.

Like every soon-to-be university student I also feared for my future after graduating, finding a job that pays fairly and where my values and attitude towards art and culture are shared. I haven't really gotten past that yet and I doubt I will until I'm at a stable point in life in regards to that but I trust that my program will provide me with the necessary know-hows to make me a desirable asset in the future.

9. I was afraid that economical/financial subsistence would push me into a life or job that I don't want.

10. Not finding any friends - but you will never be exposed again to as many interesting people in a similar life situation than yours than during your studies!

11. Wat ech nom studeiere mache soll. Ech well opkeefall an engem Job festhänken wou ech just fier mech iwver waasser ze haalen meng komplett zeit muss dropmaachen.



12. Meng greissten suerg war dass ech net gud dran wier an dass ech versoen géif zumols am ufank. Ech wouss net fill fun deem wat Proffen erzielt hunn mee ech sinn dohannert bliwen an ech hunn ed als eng challenge an een privileg ugesinn (probeiert ed esou ze gesin) nei sachen ze leieren.

13. I wasn't afraid before my studies, because I expected that I will learn a lot and will be professional, but I started to be scared in the end of my study, because my pink glasses fell down and I realised that I am not that much better as I thought I will be and I started to be scared that I won't find a job. I knew that I didn't want to teach so I decided to change my specialty to sound engineering, because I saw more opportunities in that field.



14. I was really scared not to be good enough. It is always kind of competitive working together with other creatives. You compare your work a lot to others. But in the end it was not as bad as I thought. I had very good experiences to work together with other creatives. In the end everyone at university is there to learn and improve.

15. Mat Konscht an Design huet een net vill Choix fir öffentlech ze studéieren, et ginn awer vill privat Optionen, mee déi sinn natierlech deier. Meng gréissten Angscht woar, déi Käschten net kënnen ze stämmen, an ouni Ennerstëtzung aus der Famill wier dat och enk ginn.

16. Dei franséisch Sproch.
Ech hun net weineg ze héiren krut „du hues awer en witzeg Accent, vun wou bass du?“

17. Meng gréisste Suerg war, dass ech einfach net gutt/kreativ genuch fir dat Studium an dono de Job wär. Am Ufank hunn ech mech Ënnerdreck gesat, wat dat ganzt just nach méi schlëmm gemaach huet, well ech dunn am kreative Prozess blockéiert war. Ech hu géleiert, dass grad Studium déi Zäit ass fir Feeler ze maachen a Saachen auszeprobéieren an, dass Scheitern dozou gehéiert a wichteg ass.

18. I thought I didn't belong in those studies, because I had very little knowledge of film sets, even though I loved films per se. The imposter syndrome was very strong, and only faded towards the end of my studies. But by talking about it with other students I found out that they all felt the same. Becoming a „real“ film director seemed bigger than we thought we were capable of at the time - and those that had enough confidence also had to go through periods of harsh feedback on their projects that made them question themselves. So it's only by actually realising that there's no golden rule to become a director, and that everyone finds their way to it differently than the others, that I learned to calm those worries.

19. Being lost in a new city and not connecting to people fast enough. This problem kind of solved itself by studying art because you spend such intimate and intense time together in the studio on a daily basis.

20. Déi üblech Freed an Ängscht, déi éischte kéier an eng friem Stad wunnen ze goen.

ÄNGSCHT

Wat géifs du dengem 18-joer alen Ech soen? // What would you want to tell your 18-year-old self today?

1. Gei net privat studéieren!! Haha Also basically schwetz mat studenten eets de dech an enger uni anschreiwes an fuerder brutal eierlechkeet. Annererseits bereien ech och neischt vun do hir „don't worry just do it“. An dass noten (grades) einfache sou overrated sin fucking hell.
2. All Iwwerfuerderung ass normal! Du muss keng Äntwerten op déi dausenden Froen fannen, déi dech driiwen! Huef Spaß un dem wat grad usteet a sich der Saachen eraus, déi der gefalen. Du kanns näischt falsch maachen. Looss der Zäit. BTW: Keng Sau interesséiert sech fir watsdu am Lycée gemaach hues a wat op der Zensur steet. Maach dech net fäerdeg!
3. Dass et okay ass net séng Zukunft scho virgeplangt ze hunn an ze kennen an dass een och nei Wéer aschloe kann. // That it is okay not to have the whole future planned out and that it's alright to start over with a new path.
4. Probeier roueg verschidden Saachen während oder noom Studium, ass völlig ok, wann deen eischten try net automatesch deen richtegen ass

5. Lauschter op däi Gefill, a sief oppen! Trau dech méi, vertrau der méi an traue der méi zou!
6. E Genéiss di Joeren déi elo kommen. Maach däin Haerz op.
7. Géff ni op, bleif dengem Iddien traui, et lount sech ëmmer ze kämpfen. Pass gutt op deng Leit an op däin Umfeld op a sidd vireene do. Sief verständnisvoll mat all Mënsch, well du weess net, firwat si sou sinn, wéi si sinn. Versich deng eegen Positioun an deng Privilegien ze verstoen.
8. *looks at 18-year old me who has graduated high school and entered uni already* yeah you'll be fine... but maybe do look through that chemistry stuff again.
9. Chill. You're going the right way. I know it's hard, but you could be a little more confident about your projects and ideas.

10. Don't study maths. Talk to students in later years of their studies. Go work until you find something worth studying.

11. Mach einfach, iergendwei klappt dat schon alles (also wieklech)

12. Stress net sou fill iwer physik an kuck mei eppes iwer kultur ze léieren

13. Don't be scared and don't listen to anyone. You are the only person who knows how to live your own life. Always choose what is the best and most interesting for you. There always will be people who will talk bad about you, they will say they were right if you failed but they will say bad even if you will succeed because they are jealous

14. Not to take everything too serious and that critic is there to help, not to harm. If someone would achieve that the creative world is an amazing world.

16. Géi direkt op Strosbuerg an loos Lille sin.

17. Maach et genau sou nach eng Kéier just mat méi Selbstvertrauen.

18. Listen to your intuitions and be less scared, school is only the beginning, and not an endgame. And clean your apartment more often, you're a grown-up now.

19. let loose.

20. Follow your heart.



15. Maach genau dat wats DU wëlls maachen. A wanns de dono mierks dass däin Choix awer net de richtige woar, dann haal op. Ze wëssen wat ee net well maachen ass genau sou wichtig wéi ze wëssen wat ee well maachen.

Wat ginn et fir Studienoptionen an dengem Fach? // What are the different fields of study in your subject?

Everything that has design at the end: Media design, human centered design, ui/ux design, graphic design, webdesign, information design, 3d design. Och photography, film, visual storytelling.

Wou (Stad + Uni) hues du studéiert? // Where (city + name of school) did you study?

Macromedia hochschule - Hamburg



Wat fir eng Fächer has du an dengem (Bachelor)-Studium? // What were the distinctive features of your Bachelors?

Medien design = graphic design, interaction design, illustration, storytelling, print medien, web design, user interface (ui) design, user experience (ux) design, konschtgeschicht, 3d design, design research, contemporary design topics, Information design, project management, screenwriting, photography, film und Kameraführung

Gouf et eng Opnahmeprüfung, wéi ass déi gelaf? // Was there an entrance exam and how did that go?

Nee. (First red flag) ed gouf just en Gespräch mam head of design am dono war en einfach ugehol. Dat schwetzt fir en niddregen niveau op deser privat hochschule well sie einfach all mensch huelen den bezillt. Huet en leider och gemierkt am kursniveau.

Wat ginn et fir Optionen nom Bachelor? // What are the options after a Bachelor?

Alles wat an enger kreativ agentur ze machen ass, junior art director (writes concepts and gives creative direction), graphic designer (executes visuals), copywriter (writes ad texts), concepter (writes creative concepts). An soss freelance designer (do muss en gucken wou seng stärken an interessen leien). An soss kanns de amfong wierklech fir quasi all firma als kreativen schaffen sief ed als grafiker.in oder einfach am PR oder kreativ team.

Géifs du däi Studium empfehlen? Wann nee, wat géifs de empfehlen? // Would you recommend this degree? If no, what would you recommend?

De studiengang absolut wann en besser exekuteiert wier duerch d uni. Dei breed auswielen un fächer ass einfach mega cool well en all semester eppes komplett neies machen kann (speziell gudd fir leit dei sech nach net wierklech decideiren kennen watvse dono machen wellen). D'uni (zu hamburg) absolut net mee den standort köln vun der uni ass vill besser hun ech mer soen gelos. Key: schwetz mam head of design vun epuer uni'en dann mierks de schon ween ahnung huet an ween just labert.

Wéi gesäit d'Arbeitswelt an deem Feld aus? // What does your professional field look like?

Leider hun vill leit nom studium net de courage ze soen „jo ech kann dat“ an landen dann an enger soul sucking kreativ agence. Ech mengen ed ass wierklech eng fro vun wei genau en wees wat en net well. Fir mech ass 9-5 horror an doweinst hun ech souen emfeld och emmer gemieden.

Wat ginn et fir Studienoptionen an dengem Fach? // What are the different fields of study in your subject?

Bei Medien a Kommunikatioun gëtt et onendlech vill Spezialisatiounen. Allgemeng ass et sënnvoll ze entscheiden, ob een éischer praktesch oder theoretisch studéiere wëll. Unien ginn zwar oft un, vill Praktesches unzebidden, meeschtens maachen Fachhéichschoulen do awer méi Sënn: Mediendesign, Bildgestaltung, visuelle Kommunikation, Grafik. Ee Studium wéi Medienkommunikatioun ass dat, wat een als Studéierenden draus mécht. Ob ee Richtung Medienpsychologie, politesch Kommunikatioun, Soziologie, Philosophie, Bildungsarbeit, Semiotik, Journalismus oder nach eppes aneres goe wëll, ass virun dem éischte Studium oft schwéier ze entscheiden. Een allgemenge Studium an dem Fach kann do heiansdo hëllefen.



Wou (Stad + Uni) hues du studéiert? // Where (city + name of school) did you study?

Chemnitz / TU Chemnitz

Wat fir eng Fächer has du an dengem (Bachelor)-Studium? // What were the distinctive features of your Bachelors?

Vun Medienpsychologie, e-Learning, Mediengeschicht, iwwer Drucktechnologie, Digital Medien an Online-Journalismus, bis Kommunikatiounsforschung, Semiotik a Medientheorie. Ech hat och ee Fotoseminar iwwer Seefeblosen, een Schnëttkuer wou mer Trailer fir Filmer gemaach hunn, ee Forschungsprojekt iwwer Wikipedianutzung an eng Medientagung mat ze plangen. „Etwas mit Medien“ ass zimmlech treffend.

Gouf et eng Opnahmeprüfung, wéi ass déi gelaf? // Was there an entrance exam and how did that go?

Nop. Meng Opnahmeprüfungen ware fir Schauspiel (fail) an dunn am Master (success) mee fir de Bachelor hunn ech einfach eng Bewerbung bei Uni-Assist gemaach.

Wat ginn et fir Optionen nom Bachelor? // What are the options after a Bachelor?

Nom Bachelor maache vill Leit de Master weider, wann se Richtung Forschung ginn. Anerer man politesch Kommunikatioun, Verlagshäuser, PR-Agenturen, Publicitéit oder schaffe fir IT-Firmen, anerer ginn Richtung Pädagogik an Bildungsarbecht an nach anerer wiesselen nees komplett alles.



Géifs du däi Studium empfehlen? Wann nee, wat géifs de empfehlen? // Would you recommend this degree? If no, what would you recommend?

Nee, mee net jidderengem! Fir mech war et de falsche Studium mee de richtegen Choix. Wann ee guer net weess, wat ee maache wëll, kann een allgemenge breede Studium hëllefen, erauszefannen wat een net interesséiert.

Wéi gesäit d'Arbeitswelt an deem Feld aus? // What does your professional field look like?

tbh: Keng Anung. Ech schaffen an engem aneren Feld. Souwäit ech matkréien, wat bei aneren leeft: alles ännert sech konstant an sou vill, dass an der Arbeitswelt oft (grad an dem Beräich) soft skills, Erfahrungen an Interesse un dem wat ee mécht am wichtigsten sinn.

Wat ginn et fir Studienoptionen an dengem Fach? // What are the different fields of study in your subject?

Et gëtt, getrennt, Illustratioun, Grafikdesign (ëmfaasst Typographie, Printmedien, Social Media content an Editorial Design asw.), UI- a UX-Design, Animatioun etc. // Split up there's illustration, graphic design (which includes typography, printed media, social media content, editorial design etc.), UI- and UX-design, animation etc.

Wou (Stad + Uni) hues du studéiert? // Where (city + name of school) did you study?

Galway (Ireland), Atlantic Technological University (ATU), formerly Galway-Mayo Institute of Technology (GMIT)

Wat fir eng Fächer has du an dengem (Bachelor)-Studium? // What were the distinctive features of your Bachelors?

Drawing Practice, Colour Practice, 3D Practice, Learning and Innovation Studies, Sustainable Design, Photography, Computer Aided Design, Professional Practice and Placement etc.

Gouf et eng Opnahmeprüfung, wéi ass déi gelaf? // Was there an entrance exam and how did that go?

Et gouff kéng. // There was none.

Wat ginn et fir Optionen nom Bachelor? // What are the options after a Bachelor?

Als Grafiker oder Junior Graphic Designer an enger Agence schaffen, e Master maa-chen an engem mi speeziféschen Interesse-


beräich (z.B. fir Art Director ze ginn). // As a (junior) graphic designer in an agency, doing a Master's in a more specific area of interest (for example to become an art director).

Géifs du däi Studium empfehlen? Wann nee, wat géifs de empfehlen? // Would you recommend this degree? If no, what would you recommend?

Jo. Ech fanne wann dëst eng Richtung ass déi een interesséiert, soll ee säi Gléck versichen. Et ass e breetgefächerte Beräich wou een als kreativ Persoun sécher ee Fachzweig fënnt dee passt. // Yes. I think if that is a direction one is interested in, one should try it. It's a broad area where it's likely to find the right professional niche.

Wéi gesäit d'Arbeitswelt an deem Feld aus? // What does your professional field look like?

Kompetitiv. Mee et gëtt méi Optioune wéi „just“ an enger Agence ze schaffen. D'Nofro fir Designarbécht ass grouss an duerch Networking kinnt een intressant Optréich oder Jobs kréien un déi een an éischer Linn net mol denkt. // Competitive. But there's more options than merely working for an agency. The demand for design work is at large and through networking one could get interesting commissions and jobs that weren't even thought about at first.



Wat ginn et fir Studienoptionen an dengem Fach? // What are the different fields of study in your subject?

BA an MA (an evtl. Doktorat)

Wou (Stad + Uni) hues du studéiert? // Where (city + name of school) did you study?

München, LMU

Wat fir eng Fächer has du an dengem (Bachelor)-Studium? // What were the distinctive features of your Bachelors?

Sciences Po. mat Nebenfach Socio

Gouf et eng Opnahmeprüfung, wéi ass déi gelaf? // Was there an entrance exam and how did that go?

nee, gouf keng



Wat ginn et fir Optionen nom Bachelor? // What are the options after a Bachelor?

Master ass naheliegend, oder direkt schaffen goen

Géifs du däi Studium empfehlen? Wann nee, wat géifs de empfehlen? // Would you recommend this degree? If no, what would you recommend?

Jo

Wéi gesäit d'Arbeitswelt an deem Feld aus? // What does your professional field look like?

Ausser Recherche bleiwt nemmen Professur oder carrément fir verschidden Denkfabriken schaffen

Wat ginn et fir Studienoptiounen an dengem Fach? // What are the different fields of study in your subject?

Theater (alles wat domat ze dinn huet, och Szenographie, Szenesch Schreiwen...), Theaterwëssenschaften, Theaterpädagogik, Kulturvermittlung, Kulturmanagement, Schauspill, (... ?)

Wou (Stad + Uni) hues du studéiert? // Where (city + name of school) did you study?

Braunschweig HBK + TU / Berlin UDK

Wat fir eng Fächer has du an dengem (Bachelor)-Studium? // What were the distinctive features of your Bachelors?

Darstellendes Spiel am Hauptfach, Germanistik Nierwefach (op Lehramt) Theaterpädagogik (Master)

Gouf et eng Opnahmeprüfung, wéi ass déi gelaf? // Was there an entrance exam and how did that go?

Bachelor: 1. Ronn Dossier maachen, CV a lettre de motivation 2. Ronn sur place Opnahmeprüfung: Monolog virdroen an Einzel-Gespréich
 Master: 1. Ronn Dossier 2. Ronn sur place: Opnahmeprüfung 2 Deeg a Workshopform mat ënnerschittlechen Aufgaben

Wat ginn et fir Optiounen nom Bachelor? // What are the options after a Bachelor?

ganz vill Optiounen! Master Germanistik Hauptfach an Darstellendes Spiel Nierwefach fir dono an enger Schoul ze ënnerriichten oder Richtung Theater: Theater-

wëssenschaften, Performance Studies, Theater-/Kunst-/ Kulturvermittlung, Theaterpädagogik, Schauspill, Regie

Géifs du däi Studium empfehlen? Wann nee, wat géifs de empfehlen? // Would you recommend this degree? If no, what would you recommend?

Jo, et ass eng gutt Mëschung aus Theorie a Praxis. Cours'en un der Konschthéichschoul gi gehale vu Professionellen, déi selwer an deem Feld och schaffen. Stagen an enger Schoul a Geleegeheeten de Beruff auszeprobéieren (Theaterworkshops leeden, Zesummenaarbecht mat Theater'en asw), selwer Projet'en entwéckelen...

Mat anere Konschtformen zesummen am selwechte Gebei (BA: Bildend Konscht, MA: Musék, Musical, Szenesch Schreiwen. Also och Méiglechkeeten fir Zesummenaarbechten) Och gutt Mëschung vun der Aarbecht un dir selwer (Kierper, Stëmm, Spill...) an d'Vermëttlung dovun. Am BA: Méiglechkeet fir aner Niewefächer mat Darstellendem Spiel ze verbannen

Wéi gesäit d'Arbechtswelt an deem Feld aus? // What does your professional field look like?

Divers, et ass net ganz definéiert (wat vill Méiglechkeete léisst)

Hei am Land gëtt et Darstellendes Spiel jo net als Fach, dh de Lehramt-Deel fällt hei amfong eweg (ausser et kéint een an engem Lycée Däitsch ënnerriichten an d'Theateroptioun halen oder sou)

Mee et kann een an enger kultureller Institutioun schaffen, a Schoulen, als freelance, och an der Sozialpädagogik, sugger a medizineschen Arichtungen (wann ee Richtung Theater als Therapie geet)...

Wat ginn et fir Studienoptiounen an dengem Fach? // What are the different fields of study in your subject?

/

Wou (Stad + Uni) hues du studéiert? // Where (city + name of school) did you study?

Strosbuerg, Marc Bloch (DEUG Geschicht) - Paräis, Paris 1 Sorbonne (Master 2 Geschicht) - Paräis, EICAR (Film Bachelor)

Wat fir eng Fächer has du an dengem (Bachelor)-Studium? // What were the distinctive features of your Bachelors?

Geschicht: verschidden historesch Perioden
 Film: Realisatioun, Scenarion, Filmgeschichte, Kamera & Luucht, Storyboard, Montage, asw.

Gouf et eng Opnahmeprüfung, wéi ass déi gelaf? // Was there an entrance exam and how did that go?

Fir d'Filmschoul gouf et eng. Se ass gutt gelaf, mee den Opnamexamen wor net immens schwéier - et wor eng privat Filmschoul

Wat ginn et fir Optiounen nom Bachelor? // What are the options after a Bachelor?

/

6

Géifs du däi Studium empfehlen? Wann nee, wat géifs de empfehlen? // Would you recommend this degree? If no, what would you recommend?

Jo.

Wéi gesäit d'Arbechtswelt an deem Feld aus? // What does your professional field look like?

An der Filmwelt zu Lëtzebuerg ginn et Débouchéen wann een als Filmtechniker schafft (am Toun, Regie Assistent, Kamera Assistent, Déko Assistent, asw.)

Par konter ass et fir di kreativ Aarbéchten (Realisateur, Zeenarist, Kameramann/-fra, Schauspiller, asw.) méi schwierig fir finanziell iwwert d'Ronnen ze kommen.

Wat ginn et fir Studienoptionen an dengem Fach? // What are the different fields of study in your subject?

Ech hunn Mediendesign studéiert, dee Studiegank hat Spezialisatiounen a Film, Animatioun an Informatik, alles zimmlech Praxis-no. Kommunikationsdesign ëmfaasst nach méi ee breed Spektrum u Felder. Filmhéichschoulen sinn scho wesentlech méi spezialiséiert. Am Master hunn ech Medien- a Kommunikationswëssenschaften studéiert, dat ass een theoretischen Studiegank, deen sech vill mat Anthropologie, Soziologie an och Kulturwëssenschaften iwwerschneid.

Wou (Stad + Uni) hues du studéiert? // Where (city + name of school) did you study?

Mainz an Halle/Saale

Wat fir eng Fächer has du an dengem (Bachelor)-Studium? // What were the distinctive features of your Bachelors?

Ech hat: Illustratioun, Webdesign a Programmation, Experimentelle Film, Dréibuch, Stop-Motion Film a verschidden Theoriefächer (Bildgeschichte, Mediengeschicht)



Gouf et eng Opnahmeprüfung, wéi ass déi gelaf? // Was there an entrance exam and how did that go?

Et gouf souwuel eng „Mappenprüfung“ wéi och eng Prüfung sur Place. Déi huet mech gerett, well meng Mapp wor Schrott. Bei der Mapp sollt een oppassen, näischt vun deem dran ze leeën, wat een als Aufgab an der Schoul hat, mee wierklech Saachen, déi déi eegen Iddien erëmginn (muss net perfekt ausgesinn, mee et muss ee selwer dohannertstoen). D'Prüfung woren 4 relativ einfach Aufgaben, fir déi een e ganzen Dag op der Uni wor.

Wat ginn et fir Optionen nom Bachelor? // What are the options after a Bachelor?

